



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Landwirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

An engem Artikel op rtl.lu vum 27te Juli 2022 heescht et:

"D'Déiereschutzgesetz vun 2018 wier gutt, mä et géing net ëmgesat ginn, soen d'Vertrieder vun diversen Déiereschutzorganisatiounen."

Rieds geet an dësem Reportage vun iwwerfälltenen Déierenasyler ronderëm d'Land: et feelt entweder u Plazen an den Opfangstatiounen oder jee no Regioun fënnt een iwwerhaapt keng Opfangstatioun oder een Déierenasyl. Et gëtt och doriwwer bericht, dass d'Situatioun vun de Sträiner-Kazen sech net verbessert hätt: ëmmer nach si vill Kazen net steriliséiert, esou wéi dat och scho virum Déiereschutzgesetz de Fall war an d'Déierenasyler kommen dowéinst dem héijen Zoulaf net méi no.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi wäert de Minister de Bedierfnisser vun den Déiereschutzorganisatiounen entgéint kommen an ass de Minister bereet, dofir déi néideg Suen an de Grapp ze huelen, fir d'Situatioun vun den Hausdéieren am Land ze verbessern?
2. Wien als Bierger an een Déierenasyl urifft, dee kritt heiansdo nëmmen den Anrufbeantworter op den Telefon. D'Déierenasyler sinn och net 24/7 op, sou dass d'Leit heiansdo mat verletzte Wëlldéieren virun enger eideler Opfangstatioun stinn. Ass de Minister bereet, hei d'Suen an de Grapp ze huelen, fir dass plazeweis Déierenasyler an Opfangstatiounen 24/7 kënnen operationell sinn?
3. Mat wéi vill Euro ginn d'Déierenasyler (opgelëscht no Asyl) aktuell subventionéiert? Wéi huet sech dës Montant zënter 2017 entwéckelt (opgelëscht pro Joer)?
4. A verschiddene parlamentaresche Froen hat ech nogefrot, firwat zu Lëtzebuerg keng permanent Opfangstatiounen fir Notzdéieren existéieren. An der Äntwert op d'Fro 6330 erkläert de Landwirtschaftsminister, dass "*eng Opfaangstruktur permanent oprecht ze*



www.piraten.lu

halen en zimmlech groussen Opwand" wier. Wéi een "Opwand" wier d'Regierung bereet ze maachen, fir esou Opfaangstrukturen opzeriichten?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc

Député

